FÉDÉRATION LUXEMBOURGEOISE DE HANDBALL
association sans but lucratif
F.L.H. · 3, route d'Arlon, L-8009 STRASSEN

# Rapport Referees' Commission - 26.11.2024

Present : Frieseisen, Geib, Keiffer F., Keiffer N., Kröpelin, Volz, Weinquin, Weinzierl

Entschëllegt : Courtois, Nesser, Simonelli

1) ***Adoptioun vum Rapport vum 15.10.2024***

2) ***Tester Play-off***

*Tester fir de Play-off sinn um INS an zwar:*
*Samschden, den 11. Januar 2025 um 09h30 Laftest an 10h30 Reegeltest*
*2. Sessioun: Méinden, den 20. Januar 2024 um 19h00 Regeltest a Laftest um 20h00*

*Dës Tester sinn obligatoresch fir dierfen AXA Titel (Fraen a Männer) oder Männer Relegatioun ze päifen.*
*Krittäre fir de Laftest sinn 8.1 fir Männer AXA Titel an 7.5 fir Fraen AXA Titel a Männer Relegatioun.*
*Beim Reegeltest musse minimum 80% erreecht ginn.*

*D'RefCom erwaart, dass all Arbitter den an enger vun dëse Kategorie wëll agesat ginn, sech och e vun deenen Datumer presentéiert. Een den net untrëtt, oder d'Krittären net erfëllt, gëtt am Play-off net an deene Kategorien agesat. D'RefCom wëll heimadder dann och den CA wéi d'Veräiner informéieren, dass et zu engem Engpass un Arbitter komme kann, wat d'Nominatioune fir d'Matcher net méi einfach mécht.*
*Déi 2 Datumer sinn den Arbitter matgedeelt ginn.*

*All déi aner Arbitter sinn natierlech wëllkomm an däerfe matmaachen.*

3) ***Arbitrage 1:***

*Well vill vun den AXA-League Arbittere bei engem an dem selwechte Veräi lizenzéiert sinn, huet d'RefCom Problemer Arbitter ze fannen, déi de Veräin päifen dierfen. Esou ass et leider virkomm, dass eng Koppel bal nëmmen dëse Veräi gepaff hunn, wat net d'Iddi vun der RefCom ass. D'Besetzungskommissioun wäert an Zukunft besser oppassen, mee wëll awer direkt drop opmierksam maachen, dass et leider net vill aner Méiglechkeete ginn. Aus dem Gronn leed d'RefCom den AXA-League Arbitteren un d'Häerz eng NEUTRAL Lizenz ze maachen. Et sief hei drun erënnert, dass d'Matcher vun neutral-lizenzéierten Arbitter hirem leschte Veräin ugerechent ginn, wann et zum Artikel 20 vum Code du Handball kënnt. (Minimum vun Arbitter pro Veräin)*

4) ***Arbitrage 2:***
*Eng Koppel Arbitter hat sech Mëttes per Email ofgemellt fir ee Männer AXA-League Match vum selwechten Owend. Dëst ass zoufälleg gesi ginn, an eng Ersatzkoppel konnt in extremis fonnt ginn. D'Koppel gëtt och wéinst der „onkloer" Begrënnung vun der Ofmeldung vum Patrick Simonelli kontaktéiert.Hei sief drun erënnert dass:*
- *Eng Ofmeldung fir de selwechten Dag (< 24 Stonne virum Match) MUSS per Telefon geschéien. Reiefolleg vun den Telefonsnummere steet ënner https://www.flh.lu/arbitrage/infos-generales*
- *Maile wat Besetzungen ugeet (Matcher, Besetzungen, Absencen, Dispo, …) MUSSEN un arbitre@flh.lu an net nëmmen u ggeib227@pt.lu geschéckt ginn. Mailen déi just beim Willy landen, lafe Gefor net verschafft ze ginn, an d'FLH kéint Recours op den Arbitter huelen.*

5) ***Formation continue Arbitter :***
*Déi nächst Versammlung fir* ***all*** *Arbitter ass de 14.12.2024 um 09h30 zu Stroossen an der Maison des Sports (3, route d'Arlon 8009 Strassen). D'Thema ass Videoanalysen.*

6) ***Prag Handball Cup***
*D'Noémie Keiffer ass am Gaangen d'Koppelen zesummen ze sichen déi gewellt si mat op Prag ze fueren. Bis elo sinn et 2-3 Koppelen. Eng 4. Koppel gëtt nach gesicht. Interesséiert Koppelen oder eenzel Arbitter kënne sech nach ëmmer beim Noémie mellen. (noemie.keiffer@yahoo.de)*

7) ***Formatioun Jeunes Arbitres:***
*Den 20. Oktober huet de Leon Donven eng interessant Formatioun fir „jeunes arbitres" zu Schëffleng gehalen. Jonker vun der RedBoys, Bieles, Käerjeng, Esch a Schëffleng haten sech dann den 29. November zu Nidderkuer afonnt fir eng Formatioun mam Francis an Noémie Keiffer.*
*Eng Versammlung fir Tuteur ass Samschdes den 18. Januar 2025 um 09h30 an der Maison des Sports zu Stroossen.*

8) ***D'Videoanalysen op RTL live-arena:***
*Fir d'Videoanalyse vun eisen Arbitter net onnéideg ze kompliz éiere, freet d'RefCom, dass d'Veräiner oppassen, dass déi néideg Kabelen ugeschloss si, fir dass d'Spillzäit an de Score och op RTL ze gesi sinn.*

**Nächst RefCom: Dënschdes den 21. Januar 2025 um 18h30 zu Stroossen.**